

# Reglement Kabaräsconcours 2016 „'t gött net gefuddelt!“

## **Artikel 1**

D'Asbl „Op Schéimerech“ vu Kielen organiséiert e Schreifconcours fir Kabarästexter, déi am Juli 2016 opgefouert ginn.

## **Artikel 2**

D'Texter müssen op Lëtzebuergesch geschriwwe sinn.

## **Artikel 3**

Et sinn 4 Virstellunge virgesinn, den 13., 14., 15., a 16. Juli 2016, wou déi ausgesichten Texter vun de Memberen aus der Asbl op Schéimerech gespilt ginn. Et si Kanner, Jugendlecher an Erwuessener déi d'Texter spillen. Den Auteur kann also fir déi 3 Altersgruppen eenzel schreiwen, oder awer Kanner, Jugendlecher an Erwuessener zesumme spille loossen.

## **Artikel 4**

D'Texter a Lidder musse kabarettistesch geschriwwe sinn, als Prosa oder Lyrik, et si keng Theaterstécker zougelooss. Et geet vum Monolog bis no uewen op. Déi Texter kënnen geschwat oder gesonge ginn. Wa bei de Liddtexter Nouten derbäi sinn, kënnen déi mat eragereecht ginn. Am anere Fall gött e Museker vun der Asbl „Op Schéimerech“ ugestallt fir déi Liddtexter a Musek ëmzesetzen. Den Auteur erkläert sech da mat der Melodie averstanen. Bei engem Gedicht muss den Auteur vermierken, ob deen Text als Lidd oder als Gedicht soll virgedroe ginn. All Texter müssen daktylographéiert oder gedréckt sinn, net op der Hand geschriwwen. All Text muss a 5 Exemplairen ageschéckt ginn.

## **Artikel 5**

All Auteur duerf méi Texter eraschécken. D'Texter a Lidder duerfe keen Numm vum Auteur droen, se duerfen och net duerch iergendeen Zeechen ze erkenne sinn. All Text a Lidd muss e Pseudonyme droen, deen uewen op all Säit steet. Wann een Auteur méi Texter eragëtt, muss all Text en anere Pseudonyme droen.

## **Artikel 6**

D'Texter duerfen nach néierens gespilt gi sinn, och net an Extraiten. Et si keng Iwwersetzung vum auslänneschen Texter, keng Sketcher aus dem Internet, a keng Adaptatioune vun alen Texter erlaabt.

## **Artikel 7**

Eng Jury vu 5 Leit sicht déi Texter eraus, déi duerno gespillt ginn. D'Aarbecht vun der Jury ass geheim, an d'Decisioune vun der Jury kënnen net a Fro gestallt ginn.

### **Artikel 8**

Et duerf kee Member aus der Jury beim Concours matmaachen.

### **Artikel 9**

An enger zougepechter Enveloppe, wou baussen drop de Pseudonyme steet, leie bannendran:

De Numm a Virnumm vum Auteur

D'Postadress an d'Mailadress

D' Telefonsnummer

D'Kontosnummer vun der Bank fir de Präis z'iwwerweisen

### **Artikel 10**

D'Texter ginn net zrëckgeschéckt. Bei deenen Texter, déi net selektionéiert ginn, gëtt déi zougepechten Enveloppe net opgemeet. Déi net selektionéiert Texter gi mat der Enveloppe zerstéiert.

### **Artikel 11**

Fir dee beschten Text, dee vun der Jury bestëmmt ginn ass, kritt den Auteur en eemolege Präis vun 1.000.-€

Fir deen zweetbeschten Text, dee vun der Jury bestëmmt ginn ass, kritt den Auteur en eemolege Präis vu 500.-€

Fir all déi Texter, déi gespillt ginn, verdeelt de Publikum all owes no der Virstellung (also 4 Mol) e Publikumspräis vun 100.-€

De Präis vun der Jury, an déi 4 Publikumspräisser ginn de leschten Owend no der Virstellung verdeelt. Dann eréischt ginn d'Enveloppen opgemeet, an d'Nimm vun den ausgezeechenten Auteurs gi genannt.

All déi aner Texter, déi gespillt gi sinn, déi awer kee Juryspräis a kee Publikumspräis kritt hunn, ginn dann och dévoiléiert, an den Auteur kritt eng eemoleg Gage vu 25.- € pro gespillten Text.

### **Artikel 12**

D'Texter ginn un dës Adress geschéckt:

Kabaräsconcour

Op Schéimerech Asbl

BP. 46

L-8201 Mamer

virum Méinden 1. Februar 2016.

**Artikel 13**

Jiddereen dee bei dësem Concours matmécht, erkläert sech mat allen Artikelen averstanen.

Fir weider Informatiounen kontaktéiert eis per E-mail op [info@opscheimerech.lu](mailto:info@opscheimerech.lu).